



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 25. Abrëll 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Tëschent dem 8. November an dem 17. Dezember 2021 huet d'Uni Lëtzebuerg fir den „Observatoire national de la qualité scolaire“ (ONQS) ënner dem Begrëff „Consultation nationale des acteurs de l'école fondamentale“ eng Etude um Terrain duerchgefouert. Heibäi haten Enseignanten an Educateuren d'Geleeënheet, iwwer hiren Alldag am Schoulbetrieb ze beriichten. Laut dem Internetsite vum IFEN gëtt en Atelier zu de Resultater vun dëser Etude organiséiert.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten:

- Sinn déi genannten Etude an déi entspriechend Resultater public?
 - Wa jo, wou sinn déi entspriechend Informatiounen disponibel?
 - Wann net, kann den Här Minister der Chamber d'Etude an d'Resultater zoukomme loossen?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Co-Fraktionspräsidentin



Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7927 vun der honorabeler Deputéiert Martine Hansen

D'Regierung huet iwwer de Koalitiounsaccord 2018-2023 dem deemolegen Observatoire national de la qualité scolaire (haut : Observatoire national de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire) den Optrag ginn, fir verschidden Elementer vun der Schoulreform vun 2009 ënnert d'Lupp ze huelen. Konkret sollten Aspekter wéi d'Organisationsformen am Cycle, d'Zesummenaarbecht tëschent den Enseignanten, de Gebrauch vun ënnerschiddlechen Evaluationsformen an d'Zeréckgräifen op Differenzéierungsmoosnamen analyséiert ginn.

Dësen Optrag ass en Deel vum Observatoire senger systeemescher Analys vun der Qualitéit an der Grondschoul. Als éischt Element vun dëser Evaluatioun vun der Schoulreform vun 2009 huet den Observatoire e Sondage bei verschiddenen Acteuren vun der Educatioun duerchféiere gelooss, fir d'Aarbechten un der Evaluatioun besser kënnen ze orientéieren. Dëse Sondage huet iwwer Online-Froebéi (November – Dezember 2021) an iwwer Workshops (Abrëll – Juni 2022 an August – Oktober 2022) stattfonnt.

Dëse Sondage baséiert op international unerkannte Modeller a wëssenschaftlech validéierte Questionnairen, mee fir verschidden Aspekter goufen d'Acteuren och ëm hir Meenung gefrot. Dofir kënnen d'Aussoen och widdersprécklech an net konkludent sinn.

D'Fuerscher vun der Uni.lu weisen op de Risiko hin, wann een d'Resultater wéilt generaliséieren, datt den Echantillon weder équilibréiert nach representativ wier.

Och gëllt et ze bedenken, datt d'Questionnaire wärend der COVID-19-Pandemie ausgefëllt gi sinn, wou den Drock op d'Enseignantë grouss an d'Aarbechtsrealitéit eng aner war wéi an normalen Zäiten.

An enger zweeter Phas ginn déi Donnéeën aus dëser Consultatioun weider analyséiert, a wäerten an eng Evaluatioun vum Dispositif vun der Reform vun 2009 mat afléissen, déi den Observatoire an deene kommende Méint wäert virhuelen. An dëser systeemescher Analys vun der Qualitéit an der Grondschoul fléissen d'Erkenntnisser vu sämtlechen Etüden, déi an deem Zesummenhang duerchgefouert goufen, zesummen. Esoubal dëse Rapport vum Observatoire mat senger Recommandatiounen wäert fäerdeggestallt sinn, wäert den Observatoire der Regierung an der Chamber de Rapport iwermëttelen. Fir all weider Réckfroen steet den Observatoire dem Parlament, wéi och de Schoulacteuren gären zur Verfügung, am Interessi vun enger sachlecher a wëssenschaftlech fundéierter Ausernanersetzung mat der Educatiounspolitik zu Lëtzebuerg.

Et sief nach gesot, datt déi Ausso vun der honorabeler Deputéiert, datt aktuell op der Internetsäit vum IFEN en Atelier zu de Resultater vun der Etüd CAEF organiséiert gëtt, net ka bestätegt ginn.

Lëtzebuerg, den 12. Juni 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH